



► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Mir hunn haut de Moien an der Commission des Affaires étrangères, a Präsenz vum Arméiminister, d'Verlängerung vum Mandat diskutéiert vun der Lëtzebuerger Arméi am Kader vun der ISAF-Mission an Afghanistan. Déi Diskussioun ass och konsequent zu enger Visite vun der Commission des Affaires étrangères op der Plaz bei de Lëtzebuerger Zaldoten.

Mir hunn déi Diskussioun ronderëm d'Verlängerung vum Mandat, déi den 1. Februar 2011 soll a Kraaft trieden, gefouert, a mir hunn als Gréng eng Motioun preparéiert, Här President, wou mer wëlle kloermaachen, wat an deem Kontext d'Sichtweis sollt sinn, an där mer eis positionéieren, fir enger Mandatsverlängerung zoustëmme.

Mir hunn, fir den „dépôt formel“ kënnen ze maachen, selbstverständlech fënnf Ënnerschrëften drop. Wann d'Motioun am Januar zréck an d'Kommissioun kënnt, schwätzt awer näischt dergéint, wa se kéint konsensfäeg sinn, dass se da vun all de Fraktiounen gemeinsam déposéiert gëtt.

## Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la participation de soldats luxembourgeois à la mission de stabilisation de la Force Internationale d'Assistance à la Sécurité/International Security Assistance Force - FIAS/ISAF en Afghanistan sous commandement de l'OTAN depuis 2003 et sur base des résolutions 1386 (2001) et suivantes du Conseil de Sécurité des Nations Unies;*

*- considérant que la mission de la section luxembourgeoise est de contribuer au sein d'un peloton belge à la sécurisation du camp FIAS/ISAF et à la surveillance du périmètre intérieur de l'aéroport international de Kaboul (KAIA);*

*- considérant que le premier détachement FIAS/ISAF LU I, composé de 9 militaires, est parti en juillet 2003 et que l'armée luxembourgeoise en est au 23<sup>e</sup> détachement FIAS/ISAF;*

*- considérant que la durée d'engagement d'un détachement luxembourgeois est de quatre mois;*

*- considérant que 48 nations contribuent avec plus de 130.000 soldats à la FIAS/ISAF;*

*- considérant que la conférence de Londres de janvier 2010, la conférence de Kaboul de juillet 2010 et le sommet de l'OTAN de novembre 2010 ont redéfini les stratégies politiques, civiles et militaires pour l'Afghanistan;*

*- considérant que lors de ces conférences et sommet il a été décidé de renforcer l'effort de reconstruction civile, d'encourager le processus politique de réconciliation et de réintégration (confirmé par la jirga de la paix de juin 2010), d'éviter les victimes civiles, de renforcer les troupes FIAS/ISAF ainsi que les forces de sécurité afghanes et de transférer d'ici à la fin 2014 la responsabilité de la sécurité de l'ensemble du pays aux forces afghanes;*

*- considérant que la Chambre des Députés est étroitement associée à cette prise de décision et que sa Commission des Affaires étrangères a pu, à plusieurs reprises, se rendre compte sur place des activités du contingent luxembourgeois;*

*- estimant que si des progrès ont pu être réalisés dans de nombreuses provinces afghanes, la situation dans certaines provinces reste très difficile neuf ans après le début de l'engagement de la communauté internationale;*

*- considérant que les récentes études de sécurité réalisées par les Nations Unies attestent d'une recrudescence de la violence;*

*- considérant que les progrès politiques restent faibles et que la gouvernance des pouvoirs afghans est loin de répondre aux exigences d'une bonne gouvernance;*

*- considérant que la pauvreté, le manque de travail et le désœuvrement restent les sources du conflit de la société afghane;*

*- estimant que la situation en Afghanistan ne peut pas être réglée par les seuls moyens militaires;*

*- soulignant que la protection des populations civiles doit bénéficier d'une priorité absolue;*

*- estimant que sans une nette amélioration des efforts de reconstruction civile, politique et économique tout progrès militaire restera sans effet durable;*

*- soulignant que la stabilisation militaire est nécessaire à la reconstruction civile;*

*- considérant que l'Afghanistan ne pourra être stabilisé qu'à condition de renforcer les institutions étatiques (politiques, administratives, policières, judiciaires et militaires), le respect des droits humains, les infrastructures primaires (éducation, santé, eau, agriculture, énergie, transports) et les perspectives économiques;*

*- considérant que le niveau de la corruption et du trafic d'intérêts reste préoccupant en Afghanistan;*

*- considérant que la mission européenne EUPOL n'est pas considérée comme un succès;*

*- considérant que cette stabilisation ne s'effectuera pas sans une présence prolongée de la communauté internationale;*

*- considérant qu'il faut envisager que cette présence de la communauté internationale ira bien au-delà de la date du retrait des forces militaires internationales prévu pour 2014;*

*invite le Gouvernement*

*- à agir au niveau international en faveur d'une feuille de route définissant les critères et la chronologie d'un retrait concerté et responsable des forces militaires internationales hors de l'Afghanistan;*

*- à agir au niveau international en faveur de l'établissement d'un plan de reconstruction civile de la communauté internationale destiné à stabiliser l'Afghanistan par le développement de la société afghane;*

*- à participer avec des capacités civiles, policières, judiciaires et financières à l'effort prolongé de reconstruction civile et de participation au développement d'un État central qui a seul l'autorité de police et judiciaire;*

*- à encourager les efforts de réconciliation et de réintégration en Afghanistan tout en veillant à défendre le respect des droits de la personne humaine en général et des droits des femmes en particulier ainsi que les principes généraux d'un État de droit;*

*- à tenir la Chambre des Députés régulièrement informée de toute évolution de la situation.*

(s.) Félix Braz, Claude Adam, Camille Gira, Jean Huss, Viviane Loschetter.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Braz. Mir kommen dann elo, wéi annoncéiert, op de Projet de loi 6196 iwwert d'Gesondheitsreform zréck. Wéi eis gëschter matgedeelt ginn ass, hate sech nach weider Erreurs matérielles an den Text, dee mer en Dënschdeg gestëmmt hunn, ageschlach. D'Gesondheitskommissioun huet an enger Sëtzung vu gëschter e Rapport complémentäire ugeholl, an deem alleguerten déi Erreurs matérielles verbessert gi sinn. Ech géif dann dozou elo der Madame Rapportrice, der Madame Lydia Mutsch, d'Wuert ginn.

## 4. 6196 - Projet de loi portant réforme du système de soins de santé et modifiant:

### 1. le Code de la Sécurité sociale;

### 2. la loi modifiée du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers (suite)

#### Rapport complémentaire de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Esou wéi Dir elo ganz richteg gesot hutt, si mir gëschter am Laf vum Dag driwwer informéiert ginn, dass eng Erreur de renvoi sech an d'Gesetz erageschlach hat. Mir sinn dunno zesummekomm als Kommissioun. Et geet ëm den Artikel 15. Mir hunn als Kommissioun e Rapport complémentäire gemaach zum Projet, deen och jiddwerengem virläit.

Et geet dorëm, dass den Text korigéiert gouf. An eis Proposition ass déi, dass dee korigéierten Text, wann d'Chamber do-

madder d'accord ass, kann zum Vote gestallt ginn haut, an dee Vote géif dann och dee Vote vu gëschter remplacéieren.

Den Artikel 15 a senger redresséierter Formel läit eis och vir, en ass Partie intégrante vun deem nei redigéierter Rapport, an ech géif lech proposéieren, Här Chamberspräsident, déi dote Prozedur, déi zwar keng gewéinlech ass, awer eng korrekt Prozedur, fir déi Prozedur ze applizéieren, dass mer en neie Vote kënnen virhuelen.

► **M. le Président**.- Merci der Madame Rapportrice. Dozou freet d'Wuert den Här Xavier Bettel.

## Discussion générale

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, d'Rapportrice sot elo just, de Vote vu gëschter, ech hoffen, dass et de Vote vu virgëschter ass, net dass dee gëschter och nach falsch war, mä ech wëll just soen: Den Här Minister Di Bartolomeo huet eis gëschter eng ganz Moralpriedegt gehal, wéi gutt seng Partei wier a wéi schlecht mir wieren; ech kennen an der Geschicht vum Parlament net vill Gesetzter, déi just 48 Stonne gutt waren.

► **M. le Président**.- Den Här Braz huet d'Wuert.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Här President, wann deen Text zum Vote kënnt, wäerte mir selbstverständlech nach eng Kéier dergéintstëmme, well mir stëmme net iwwer eng Prozedur haut of, mä iwwer en Text, zu deem mer eis Zoustëmmung net ginn haten. Mir wäerten och duerfir nach eng Kéier, och zwee Deeg drop, mat Nee stëmme.

Ech wëll awer och nach eng Kéier soen, Här President, zwou Remarquen. Déi éischt ass: Mir kommen net derlaanscht, d'Remarque ze maachen, dass dat fir eis awer och d'Resultat vun enger Aarbecht ass, déi ze séier ofgeschloss, probéiert ginn ass hinzekréien. Mir waren der Meinung während der ganzer Debat vum Gesetz, dass ee sech méi Zäit sollt huelen. Dat hei ass déi Zort Feeler, déi opdaucht, wann d'Leit hei am Haus an och am Ministère musse Schratt hale mat deem, wat gesot gëtt, an et huet ee sech net genuch Zäit dofir ginn, dann entstinn esou Feeler. Et ass déi inévitable Konsequenz dovun. A wann et nach ee weidere Beleg gebraucht hätt, dass mer eis besser e bëssen hätte méi Zäit sollen huelen, dann ass et dat heiten.

An déi lescht Remarque, Här President: Ech si mat de Kollege vun der grénger Fraktioun nach ëmmer der Meinung, dass dat, wat mer haut maachen, dat praktescht Annulléiere vun engem Gesetz vu virun zwee Deeg an d'Ersetzen duerch en neit Gesetz, net onproblematesch ass. An ech loosse de Statsrot da seng Meinung heizou soen. Ech sinn net honnertprozenteg dovunner iwwerzeegt, dass mer hei eppes maachen, wat verfassungsrechtlech wierklech sattelfest ass.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Braz. Wa soss keng Wuertmeldung méi ass...

Wéi d'Madame Rapportrice eis et elo gesot huet, handelt et sech bei den Ännerungen ëm dräi Referenzen, bei den Tireten 1 à 4, bei der Entrée en vigueur am Artikel 15.

Et ass ze liesen: à l'article 1 point 7 amplaz vu point 8; an dann à l'article 1 point 44 amplaz vu point 46, an an deemselwechten Tiret Alinea 8 amplaz vun Alinea 7. De verbesserten Text steet am Document parlementaire.

Dowéinst wëll ech elo fir d'Éischt d'Chamber froen, mat engem Vote deen éischte Vote vum leschten Dënschdeg iwwert dëst Gesetz ze annulléieren.

Wien ass domadder d'accord, datt mer de Vote iwwert d'Gesetz vum leschten Dënschdeg annulléieren?

## (Assentiment)

Ech géif proposéieren, dat maache mer à main levée.

## Vote sur l'annulation du premier vote constitutionnel du 14 décembre 2010

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder wier den éischte Vote dann annulléiert. Mir stëmme dann elo iwwert de ganzen Text, y inclus...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, ech hunn e kleng Problem. Kënnen mir iwwer Main levée en Text, e Vote, dee mer geholl hunn, hei annulléieren? Wier net e Vote électronique, also e Vote nominal gefrot? Den Text ass gestëmmt an huet...

## (Brouhaha général)

► **M. le Président**.- Ech hu kee Problem domat. Da maache mir e Vote électronique, wann dat hei gefrot ass, mä...

## (Brouhaha général)

Wann ech gelift, ech géif lech bieden, opzepass! Wann eng Fraktioun e Vote électronique freet, da gëtt et e Vote électronique. Mir maachen also elo e Vote électronique...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Här President, wann den Här Lux elo insistéiert, mir solle kee Vote huelen, dann huele mer kee Vote, an ech hoffen, dass d'Gerichter net op eng Kéier soen, dass deen Text net a Kraaft ass.

► **Une voix**.- Géi an d'Vakanz!

► **M. le Président**.- Här Bettel, frot Dir dann de Vote électronique?

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Neen, ech froe kee Vote électronique.

## (Brouhaha général)

► **M. le Président**.- Gutt, Dir frot kee Vote électronique, dann ass et an der Rei.

Mir stëmme dann elo iwwert de ganzen Text, y inclus déi nei Ofännerungen, of a wäerten dem Conseil d'État dës Ännerunge schrëftlech matdeelen.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6196 ass ugeholl mat 39 Jo-Stëmme, 20 Nee-Stëmme an 1 Enthaltung.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Félix Eischen), Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel).*

*Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. André Bauler), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner (par M. Xavier Bettel);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

*S'est abstenu: M. André Hoffmann.*

Ech ginn net méi dovun aus, datt een nach wëllt seng Enthaltung begrënnen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Ech wollt lech drop hiweisen, datt de Vote vun haut dee vun en Dënschdeg ersetzt.

Leif Kollegen a Kolleginnen, ech wëll dann awer och nach a mengem perséinlechen Numm bemierken, datt eis als Chamber nëmme dru ka geleeë sinn, eng optimal parlamentaresch Aarbecht ofzeliwweren. Dëst geléngt eis awer nëmme, wa mir och vu Säite vun der Regierung eng maximal Ënnerstützung kréien.

Fir esou Péripétië wéi déi haut de Mëttag an Zukunft ze évitéieren, géif ech e waarmen Appel un d'Regierung an hir Servicer





riichten, fir datt mir am Ufank vum neie Joer an engem gemeinsamen Effort solle kucken, fir derfir ze suergen, am Virfeld a virum Vote vun de Projet-de-loien all Feelerquellen auszuschalten. An deem Sënn hunn ech elo eng Réunioun mat der zoustänneger Ministerin ugefrot.

Dat gesot...

**(Brouhaha)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.*- Här President!

► **M. le Président.**- Här Minister?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.*- Här President, selbstverständlech ënnerstëtzen ech déi Invitatiounen, déi Dir un d'Regierung gemaach hutt, wëll ech awer bei dëser Geleeënheet soen, dass et bis haut net evident ass, wou déi Erreur matérielle hierkomm ass. Well, Dir sollt wëssen, dass den Text, dee vum Conseil d'État aviséiert ginn ass, dee richtegen Text ass, an dass bei der Compilatioun vun den Texter, fir hei ofzestëmmen, déi Erreur matérielle entstanen ass.

Ech wëll, wa mir sollten en Deel vu Responsabilitéit do derbäi hunn, déi assuméieren, wëll der Chamber och ee ganz häerzleche Merci soe fir hir Attitüd, déi et erméiglecht, dat Gesetz plangméisseg a Kraaft ze setzen, wëll awer déi Reprochen, déi de President a Richtung Regierung gemaach huet, ganz staark nuancéieren.

Merci!

► **M. le Président.**- Ech wëll just dem Här Minister äntwerten, datt et net fir d'Éischt leider Gottes ass, datt mer an de leschte Wochen a Méint mat Erreur-matériellen a Gesetzesprojete befaasst sinn. Duerfir hunn ech jo och betount, Här Minister, mir sollen zesummen - Dir hutt mer net nolauschtert -, zesumme kucken, datt mer an Zukunft esou Feelerquellen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.*- Ech si ganz domat d'accord.

► **M. le Président.**- ...évitéieren.

Den Här Schiltz huet d'Wuert.

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Här President, ech mengen, hei gëtt esou gemaach, wéi wann déi eng géife Feeler maachen a sech iren, an déi aner ni géifen e Feeler maachen. Ech fannen dat e bësse komesch, muss ech éierlech soen.

**(Interruption)**

Ech wëll ech nämlech soen, datt mer a multiple Sitzungen iwwert de Summer während dräi Méint - während dräi Méint! - en Text gestëmmt hunn iwwert de Blanchiment, wou ech mat responsabel si fir den Text, den Här Roth ass mat responsabel, den Här Bettel war federführend bei der DP, den Här Braz bei deene Gréngen: Mir hunn an deem Text, Här President, zwee Artikelen 13 gestëmmt, wëll ech ech emol soen!

**(Hilarité)**

► **M. le Président.**- Dir confirméiert, Här Schiltz, wat ech gesot hunn. Et ass net fir d'Éischt gewiescht, datt mer an de leschte Méint Problemer haten, an duerfir solle mer zesumme kucken,...

► **Une voix.**- Très bien!

**(Interruption)**

► **M. le Président.**- ...wéi mer eis verbessern.

► **Une voix.**- Très bien!

**(Interruption)**

► **M. le Président.**- Als nächste Punkt...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Also, dat doten, Här President, dat ass awer net ze akzeptéieren. Mir kréien d'Schold hei, dass d'Majoritéit schlecht schafft.

► **M. le Président.**- Neen, Här Bettel, dat ass jo elo...

**(Brouhaha général)**

Ech géif elo... Elo kritt nach ganz schnell den Här Braz d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- D'Regierungs-krankheet ass ustiechend!

► **M. le Président.**- Den Här Braz kritt d'Wuert an da fuere mer virun.

**(Interruption)**

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Ech wëll dem Här Schiltz...

**(Hilarité)**

► **M. le Président.**- Hei, wann ech gelift!

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Ech wëll dem Här Schiltz seng Ausso just bestätegen. Och dat do Beispill ass e gutt Beispill gewiescht, wat geschitt, wann een ënner Zäitdruck Projeten hei erabréngt, wann ee vu vireran Deadlinë setzt. Dat war de Fall beim Santésgesetz; dat war, Här Schiltz, de Fall bei deem Gesetz, wat Der do genannt hutt. Dat ass exakt deeselwechten Zeenario. Les mêmes causes produisent les mêmes effets. A wa mer lous wieren, géife mer eppes draus léieren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Gutt, dann hu mer...

► **M. Jean-Louis Schiltz** (CSV).- Et ass exakt genau, Här Braz, Dir hutt et net gemierkt an ech hunn et och net gemierkt. Dat wollt ech eigentlech soen.

► **M. le Président.**- Domadder ass dee Punkt ofgeschloss. Mir kommen elo als nächste Punkt bei de Projet de loi 6208 iwwert den Emploi des jeunes. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Gloden, Bauler, Adam, Gibéryen an Hoffmann. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6208 - Projet de loi modifiant la loi du 11 novembre 2009:

**1. concernant certaines mesures temporaires visant à atténuer les effets de la crise économique sur l'emploi des jeunes;**

**2. modifiant certaines dispositions du Code du Travail**

**Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi**

► **M. Roger Negri** (LSAP), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Verlängerung vun de Beschäftigungsmesuren...

**(Brouhaha général)**

D'Verlängerung vun de Beschäftigungsmesurë bis Enn 2011 fir jonk diploméiert an net diploméiert Leit ass den Objet vun deem Gesetz. A bal allen europäesche Gesellschaften huet sech den Iwwergank vu Schoul op Berufsliewe fir vill jonk Leit an deene leschte Jorzéngte verschweiert an et ass oft begleet vun Onsécherheet. Och wa Lëtzebuerg...

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Här President, ech héieren näischt. Ech héieren de Riedner net schwätzen.

► **M. le Président.**- Här Negri, fuert virun!

► **M. Roger Negri** (LSAP), *rapporteur.*- Och wa Lëtzebuerg um internationale Vergläich laang éischer gutt ofgeschnidden huet, sou ass de Problem vum Jugendchômage zënter dem Enn vun den 90er Joren och hei am Land eng eescht ze huelend Realitéit.

**(Interruption)**

► **Une voix.**- Héiert Der elo eppes, Här Fayot?

► **M. Roger Negri** (LSAP), *rapporteur.*- D'Regierung huet méi wéi eemol agegraff a probéiert duerch verschidden Initiativen, notament Stagen a spezifesch Formatiounen, deene Jonken a virun allem deenen, déi keng Aarbecht oder just eng minimal Ausbildung hunn, de Start an d'Berufsliewen ze erliichteren.

Duerch eise grenziwwerschreidenden an transnationalen Aarbechtsmaart, dee logescherweis eng grouss Konkurrenz mat sech bréngt, ass et heizuland besonnesch fir

jonk Leit ouni Ausbildung schwéier, eng Aarbechtsplaz ze fannen.

Déi lescht Regierung huet doropshin am Dezember 2006 e Gesetz gestëmmt, dat zwou Moosnamen agefouert huet. Éischens, eng dovunner riicht sech un den öffentlichen Secteur, den CAE - Contrat d'Appui Emploi -, an déi zweet, déi aner, un de Privatsecteur, CIE - Contrat d'Initiation Emploi. Duerch eng Rei finanziell Avantage sollten esou de Stat, d'Gemengen an d'Betriber encouragéiert ginn, jonk Leit ënner 30 Joer an ouni Ausbildung e Stage an am beschte Fall eng fest Ustellung ze bidden.

Am Dezember 2006 louch d'Aarbechtslosigkeit vun deene Jonken ënner 30 Joer bei 33%. Ee Joer drop bei 29,4%. Hei muss een zwar och bedenken, dass de Chômage am grouse Ganze während deem Joer e bëssen erofgaangen ass. Mä déi agefouert Moosnamen hunn awer Enn 2007 428 Jonker d'Méiglechkeet ginn, éischt berufflech Erfahrungen ze sammelen.

Mat der weltwäiter Wirtschafts- a Finanzkris huet sech während de Joren 2008 an 2009 d'Situatioun op eise Aarbechtsmaart dramatesch zougespëtz an d'Aarbechtslosenzuele sinn op historesch Chiffere geklommen. Dës negativ Entwécklung huet natierlech och Auswierkungen op d'Aarbechtslosigkeit vun deene Jonken ënner 30 Joer. Si huet am September 2008 en Drëttel vum Gesamtchômage ausgemacht. Dat waren 2.865 Persounen. Ee Joer drop ware schonn 3.970 jonk Leit op der Sich no enger Schaff. Gréisstendeels sinn zwar virun allem Leit ouni Ausbildung oder Leit, déi just déi néng schoufflichteg Joren hunn, vun der Aarbechtslosigkeit betraff. Déi maache bal d'Halschent vun allen Aarbechtslosen aus.

Mä an Zäit vun engem Joer huet sech awer och en neie bis dohin onbekannte Phänomen hei zu Lëtzebuerg entwéckelt. D'Zuel vu Leit mat Uni oder anerem Héichscholofschloss huet vu September 2008 bis op September 2009 ëm 904 Persounen zougeholl. Fir deem neie Phänomen konsequent entgéintzewierken, huet eisen Aarbechtsminister Nicolas Schmit d'lescht Joer am Hierscht e Gesetz depouéiert, dat déi existéierend Moosnam CAE an CIE och opmécht fir Leit mat engem Diplom.

Dobäi ass eng nei Moosnam geschaf ginn, nämlech de Contrat d'Initiation Emploi-Expérience pratique CIE-EP oder Praktikum genannt. Dës leschte Kontrakt ass speziell fir jonk diploméiert Leit geduecht a soll hinnen d'Beruffserfahrung a verschiddene Betriber liwweren, déi hirem Diplom déi néideg Plus-value gëtt. Sou solle si sech bei der wirtschaftlecher Relance méi séier um Aarbechtsmaart integréieren kennen. Dës Moosname sinn den 11. November d'lescht Joer a Kraaft getrueden.

Och wa vill iwwert d'Erweiterung vun de bestehende Moosnamen a besonnesch iwwert den neien CIE-EP geschwat gouf, sou blouf den erwaarte Succès relativ laang aus. Et ass e Büro an d'Liewe geruff ginn, deen déi jonk Leit perséinlech an och iwwer virtuell, dat heescht Internetsite - den aneloplus (veuillez lire: point).lu -, guidéiert. Déi Jonk kruten esou d'Méiglechkeet, hire Liewenslaf op eng Internetplattform ze setzen an iwwert dës Mechanismus d'Offere vun de Patronen ze consultéieren. Dës Plattform gëtt vun engem Guichet unique gëriert, dee sech zesummesetzt aus ADEM, CEDIES, SNJ a CPOS.

Enn Dezember 2009, dat heescht, sechs Wochen nodeems d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, hunn 187 Jonker vun engem CAE a 430 vun engem CIE, dovunner 22 vun engem CIE-EP, profitéiert. Dräi Méint méi spët awer hat d'Zuel vun den CIE-EPiste sech méi wéi verdreifacht a louch bei 78. Am Oktober dës Joer hunn 223 Leit vun engem CAE an 809 vun engem CIE, dovunner 122 vun engem CIE-EP profitéiert.

Och wann d'Aarbechtslosigkeit vun de jonke Leit hei zu Lëtzebuerg par rapport zu 2009 relativ stabil bliwwen ass - et waren am Hierscht, September 2009, fir genau ze sinn, 3.970 Leit ënner 30 Joer aarbechtslos an 2010 waren et der 3.912 -, sou gëtt dat awer keen Ulass, fir sech elo op deene Lorbeeren do auszerouen. Sécher verzeechent eis Wirtschaft säit enger Zäit éischt positiv Signaler. Mä mir müssen

awer och berücksichtegen, dass ëmmer nach vill ze vill Betriber op Kuerzaarbecht müssen zrëckgräifen an duerfir keng nei Leit astellen.

Am leschte Konjunkturcomité vum 24. November 2010 hunn nach 64 Betriber eng Demande op Kuerzaarbecht gestallt. Dovunner sinn der 42 als favorabel aviséiert ginn. Och wann dës Zuele lues a lues erofginn, sou si mer nach ëmmer wäit ewech vun deene vu virun der Kris. Tëschtent Januar an August 2008 huet sech de Maximum vun Demanden nämlech op dräi pro Mount belaf.

Här President, d'Verlängerung vun zwielef Méint bis Enn 2011 vun deenen am November 2009 agefouerte Moosnamen, déi deen hei virleiende Projet de loi virgesäit, ass deemno net aus der Loft gegraff, mä éischer virsiichteg an noutwendeg. Et muss ee kloer soen, dass d'Moosname vun 2009 zu engem groussen Deel dozou bäigedroen hunn, 500 Jonker méi um Aarbechtsmaart ze integréieren wéi par rapport zu 2009.

Et ass och wichteg ze soen, dass d'Verlängerung vun dëse Moosnamen op kee Fall virgesäit, bëlle Aarbechtskräften op de Maart ze kréien, mä ganz am Géigendeel. D'Betriber sollen encouragéiert ginn, jonke Leit eng Chance ze bidden, professionell Erfahrung ze sammelen a sech esou en attraktive Profil ze kréieren, deen um Aarbechtsmaart och gesicht gëtt. D'Haaptzil vun all deene Moosnamen ass a bleift ganz kloer d'Ofschléisse vun engem definitiven Aarbechtskontrakt - engem CDI.

D'Verlängerung vun de Moosname soll, wéi gesot, bis Enn 2011 lafen. Dat heescht, si ass zäitlech begrenzt. Wann d'Situatioun um Aarbechtsmaart sech also d'nächst Joer berouegt a verbessert, ginn d'Moosnamen no 2011 net méi verlängert.

Duerfir gi se och net - wéi vum Statsrot a sengem Avis gefuerdert - an de Code du Travail ageschriwwen, mä bliwen, wéi et elo schonn de Fall ass, just als Note de bas de page drastoen. De Statsrot huet ausserdeem kritiséiert, dass keng Evaluatioun vun de Moosname gemaach ginn ass, an huet drop higewisen, dass een dës schonn a sengem Avis vum Projet de loi vum leschte Joer erëmfanne kann. En huet dat och du scho geschriwwen.

Esou eng Evaluatioun ass awer am Moment net réalisierbar, well déi meescht vun de Kontrakter nach lafen a well se jo eng maximal Dauer, wéi Der wësst, vu 24 Méint kennen hunn. Esou kann een elo net kloer soen, wéi vill Jonker definitiv agestellt konnte ginn duerch dës Mesuren. Eng éischt Evaluatioun kann awer deemno schonn am Laf vum Joer 2011 gemaach ginn.

Här President, als Konklusioun: An eiser moderner Gesellschaft gehéiert den Astieg an d'Aarbechtswelt zu engem ganz entscheidende Punkt am Liewe vu jonke Leit. Eng Aarbecht hunn, heescht net nëmmen, finanziell onofhängeg ze sinn, mä ass och verbonne mat Unerkennung an der Gesellschaft, perséinlecher Positionéierung a Selbststännegkeet.

Eng Aarbecht hunn, bedeit och sozial Integratioun a Participatioun um alldäegleche gesellschaftleche Liewen. De Wee no der Schoul an d'Aarbechtslosigkeit kann also wäitreechend Folge fir déi gesamt Liewenssituatioun vun de Jonken hunn. Den erhoffte Start an en anert Liewe gëtt duerch de Rutsch an d'Aarbechtslosigkeit séier zum perséinleche Problem an demoraliséiert an découragéiert de Jonken.

Et läit an eiser Responsabilitéit, derfir ze suergen, d'Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir eiser Jugend all Méiglechkeeten ze ginn, sech duerch eng fest a sécher Aarbecht ze verwierklechen an hiert Liewen eegestänneg gestalten ze kënnen.

Domadder ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi a soen ech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Roger Negri Merci. Als